Madame COUTO Paula
Conseillère communale

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2026.72351.SECR

Péiteng, den 17. Juli 2026

**Betreff: Är Froe vum 19. Juni 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Bosoni Marc - Tel.: 50 12 51 - 3050)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 19. Juni 2026 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*An de leschte Méint konnt ee reegelméisseg feststellen, datt kommunal Fussballsterraine bewässert ginn, och wärend et reent oder wärend waarmen Deeg an der Mëttesstonn. Dëse Problem gouf och schonns vu Bierger.innen gemellt. Am Kontext vun engem verantwortungsvollen Ëmgang mat de Waasserressourcen an den Energiekäschte an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilte mir Iech follgend Froe stellen:*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. No wéi enge Krittären a Prozedure gëtt iwwer d'Bewässerung vun de kommunale Fussballsterrainen decidéiert?*

*2. Gëtt d'Bewässerung automatesch iwwer virprogramméiert Installatiounen oder manuell duerch d'Gemengeservicer gesteiert?*

*3. Gëtt bei der Bewässerung systematesch Récksiicht op déi aktuell Wiederkonditioune geholl, notamment:*

- *gefalene Reen an de viregte Stonnen oder Deeg,*
- *virausgesoten Nidderschléi,*
- *Temperaturen an Hëtztwarnungen,*
- *d'Saison (Summer/Wanter)?*

*4. Firwat ginn Terrainen deelweis och no Reen (oder wärend et reent) oder bei héijen Temperaturen an der Mëttesstonn bewässert?*

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi sur rendez-vous jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118

*5. Wéi héich ass de Waasserverbrauch fir d'Bewässerung vun de kommunale Fussballsterrainen:*

- *pro Terrain a Joer zënter 2020;*
- *am Total fir all kommunal Terrainen?*

*6. Wéi eng Waasserquell gëtt fir d'Bewässerung benotzt?*

*7. Falls Drénkwaasser benotzt gëtt: Wéi héich sinn déi domadder verbonne Käschte pro Joer? Wien bezilt di Käschten?*

*8. Sinn Anlage fir d'Opfaange vu Reewaasser oder aner alternativ Waasserquellen installéiert oder geplangt, fir de Verbrauch vun Drénkwaasser ze reduzéieren?*

*9. Ginn et Sensoren oder aner technesch Systemer, déi d'Buedemfiichtegkeet moossen an esou eng bedarfsgerecht Bewässerung erlaben?*

*10. Wéi eng Moossnamen huet d'Gemeng an de leschte Jore getraff oder plangt si nach ze treffen, fir de Waasserverbrauch bei der Ënnerhalung vun de Sportinfrastrukturen ze optimiséieren?*

*Mat Respekt,*

*Paula Couto*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

D'Bewässerung, déi iwwert eng programméierbar Bewässerungsanlag gemaach gëtt, gëtt op Basis vum Zoustand vum Terrain, de Wiederkonditiounen an de Besoine vum Wuess décidéiert (z.B. Düngen, Match an/oder Training).

D'Bewässerung geschitt deelweis mat Récksiicht op d'Wiederkonditiounen. D'Anlag vum Stade Philippart a vum Terrain zu Lamadelaine si mat engem Reesensor equipéiert an d'Programmatioun reagéiert op gefalene Reen. Fir datt d'Bewässerung awer automatesch ënnerbrach gëtt, muss allerdéngs eng Reen-Quantitéit vu ronn 13 Liter pro Quadratmeter erreecht ginn.

Och gëtt mol virun engem Match oder Training, vum Veräin, d'Bewässerung manuell aktivéiert, fir esou den Terrain kuerz ze befiichten an domat d'Spillqualitéit an d'Sécherheet vun de Spiller ze verbesseren. Wann dann net op automatesche Betrib ëmgeschalt gëtt, kann d'Bewässerung kuerzfristeg weiderlafe bis datt se erëm an den automatesche Modus geschalt gëtt. Och bei héijeren Temperaturen, wou et vläit onnëtz ausgesäit, ass et wichteg den Terrain iwwer den Dag ze nëtzen, fir d'Uewerflächentemperatur ze reduzéieren, an esou ze verhënneren datt de Wues verbrennt.

E Gras-Terrain brauch dagdeeglech eng gewësse Quantitéit u Waasser. Dëst hänkt dovun of ob dësen sech an der Wuesstumsphase befënnt oder scho länger läit. An der Moyenne brauch de Wues iwwert d'Joer dagdeeglech 4 Liter/$m^2$. Ofhängeg vum Wierder läit esou de Besoin u Waasser fir en Terrain tëschent 20 a 40 $m^3$ pro Dag. An der Summerzäit bewässeren d'Bewässerungsanlagen déi installéiert sinn, 3x pro Dag mat 7 Liter/$m^2$.

Wéi gewosst, huet d'Gemeng Péiteng keng eege Waasserquellen, esou datt d'Waasser aus der Drénkwaasserleitung genotzt muss ginn. Dëst kascht d'Gemeng 1,90 Euro (HTVA 3%) / $m^3$.

De Moment gëtt et keng alternativ Waasserquelle. No enger Analyse fir Reewaasser-Opfangbecken ze notzen, huet sech erausgestallt datt d'Investitiouns- an Entretien-Käschte wäit iwwert dem eventuellem Erspuertem leien.

De Moment sinn d'Anlage just mat engem Reesensor equipéiert. E Buedemfiichtegkeetssensor ass aktuell net installéiert, mee d'Gemeng analyséiert zurzäit d'Méiglechkeet esou e Sensor no ze rüsten, fir d'Bewässerung nach méi präzis un de reelle Besoin vum Terrain unzepassen an de Waasserverbrauch weider z'optimiséieren.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi sur rendez-vous jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118